N°1428
Entrée le 24.10.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 24.10.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/10/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister & d'Ministesch fir Digitalisatioun weiderzeleeden.**

*"Als Reaktioun op déi weltwäit ëmmer weider zouhuelend Menace vu gréisseren DDoS Attacken, huet déi viregt Regierung 2018 decidéiert een nationalen DDoS Scrubbing Center ze schafen an deen ass och säit Enn 2020 voll operationnell."*
Dëst huet d'Regierung op an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°544 bestätegt.

Am Mäerz dëst Joer gouf et eng DDOS-Attack, wou ënnert anerem d'Website vum CTIE attackéiert gouf. Wéi an der Press ze liesen ass, gouf et den 23ten Oktober op Neies **eng** Cyber-Attack, dës Kéier op d'Website vun der Regierung an dem 112.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Cyber-Attacke goufen zënter 2020, opgeschlësselt pro Joer, vum DDos Scrubbing Center erkannt? Wéi vill goufen ofgewiert a bei wéi Attacken hunn een Impakt (z.B. Websäiten, déi net accessibel sinn) hannerlooss?

2. Wéi eng Moossnahmen goufen zënter der Attack am Mäerz 2024 ënnerholl, fir d'Verdeedegung géint Cyberattacken ze verbesseren?

3. Aus wéi enge Grënn konnten d'Websiten vum 112 an der Regierung elo am Oktober trotzdeem lahm geluecht ginn?
   Wat ass geplangt, fir dëst an Zukunft ze verhënneren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten